



## Assemblée générale ordinaire du 24 mars 2016

### Rapport d'activité de la secrétaire générale Blanche Wilmes

Wéi ugekënnegt dann hei den Iwwerbléck iwwer dat wat de Comité zënter der leschter Generalversammlung de 26. Mäerz 2015 opweises huet:

Mir hunn eis direkt druginn an de Comité den 1. Abrëll 2015 zesummegegruff fir eis Reien opzefëllen.

De Bureau exécutif ass duerch Vote secret gewielt ginn a setzt sech deemno sou zesummen:

President: Thierry Ries

Secrétaire générale: Blanche Wilmes

Secrétaire générale adjointe: Tanja Ackermann

Vice-présidents: Claude Stephany a Romain Kremer

Trésorier: Alli Chrisnach

Trésorier adjoint: Marc Kayl

Mat der Entrée en vigueur vun der Reform vun der Fonction publique hunn sech fir d'AGC ab dem 1. Oktober 2015 eng Partie Froen a nei Perspektiven erginn:

- wéi ass et mat der gewerkschaftlecher Verriedung vun dem nei geschafene Groupe de traitement vum administrative Bachelor ? Mat enger Formatioun déi jo tëschent där vum Groupe B1 an där vum Groupe A1 läit stellt sech d'Fro wéi engem Groupe de Bachelor lo méi no steet.
- wéi ass et mat der praktescher Ëmsetzung vun der Reform vun der Fonction publique ? Gëtt do och dat an der Praxis respektéiert wat um Pabeier virgesinn ass ?

A wann sech schonn d'Perspektiv vun enger neier Kategorie vu Memberen opdeet, da soll d'AGC och alles virbereeden fir sinn an natierlech och déi nei Recruten ënnert de Redaktere vun der AGC ze iwwerzeegen.

A wat ass am 21. Joerhonnert dat Vehikel vun enger éischer Prise de contact ?

Dir wësst et schon: den Internet.

Aus där Iwwerleeung raus huet de Comité decidéiert an een neien Internetsite ze investéieren an dat obschonn de 40ten Anniversaire vun der AGC virun der Dir stoung an entspreechend hätt kënne gefeiert ginn.

Eisen ale Site hat och schon eng Partie Joeren um Bockel a wann Dir an de leschte Méint mol drop kucke gaange sidd, dann huet Der bestëmmt festgestallt dat eng Moderniséierung kee Muttwëll wier.

An sou ass eisen neie Site online zënter dem 02. Februar 2016.

A senger éischer Reunioun huet deen neie Comité och eng Refonte vun deenen ale Groupes de travail ausgeschafft- sou dass mir elo en présence vu 4 GTe sinn, déi ech lech kuerz virstellen.

De **GT 1**, ënnert der Leedung vum Thierry Ries befaasst sech mam **Statut du fonctionnaire, Traitement, Formation INAP a Réforme Fonction publique**.

De Groupe ass bis lo just eemol zesummekomm well säin Objet enk mat der Reform Fonction publique zesammenhängt an een där jo huet missten Zäit gi fir ze demarréieren ier ee kann ënnersiche wéi se ëmgesat gëtt.

De **GT 2**, ënnert menger Leedung beschäftegt sech mam **Fonctionnement interne** vun der AGC. Dee Groupe ass bis lo dräimol zesumme komm.

En huet een neie Programme d'action ausgeschafft an eng Modification des statuts, déi mir lech herno nach am Detail virstellen.

Deen neie **Programme d'action** léist dee vun 2010 of. Mir hu folgend Modifikatioune gemaach:

#### **D'Formatioun:**

D'AGC huet jo jorelaang gekämpft fir e Relèvement du niveau d'études pour l'accès à la carrière an dat zulescht am Kader vun engem Litige deen den 8. Oktober 2014 entaméiert gouf. Do war awer keen Terrain d'entente ze fannen a schlussendlech ass den Échec vun der Mediatioun festgestallt ginn.

An Zukunft wäert d'AGC sech also en matière de formation op déijéineg vum INAP konzentréieren (Formation générale) awer och op d'Formation continue.

#### **De Punktwäert:**

D'Regierung huet jo decidéiert fir während der lafender Legislaturperiod keng Adaptatioun vum Punktwäert méi ze maachen; selbstverständlech si mir als AGC dogéint a halen déi Oppositioun och an eisem Programme d'action 2015 fest.

## **D'Zentralisatioun vun de Servicer vum Staat:**

An de leschte Joere gi bëssen iwwerall uechter d'Land déi sëllege Servicer déi dem Bierger d'Liewe méi liicht maachen Opfer vun enger Zentralisatiounsbevægung am Numm vun der Rationalisatioun.

Wéi wann all Servicer beim Staat a Parastaat misste rentabel sinn !

Eng Evolutioun déi mam AED 2013 ugoung an sech lo weider zitt iwwert Post, Police a wien weess wat soss nach sou wäert kommen.

Och hei: kategoresch Oppositioun vun der AGC.

## **D'Réforme administrative**

E schéint Wuert - mee wéi vill vun lech setzen zënter Joeren a Bureauen déi weder propper nach schéin nach den elementare Regeln en matière de sécurité et de santé au travail entsprechen !

Am Fong wier et jo selbstverständlech dass och de Staat, deen deenen anere jo sou gär op d'Fanger klappt, déi Regele respektéiert a well dat nët de Fall ass huet d'AGC sech déi Fuederung an hire Programme d'action 2015 geschriwen!

De Programme d'action steet natierlech och um Site vun der AGC gëtt der Modification des statuts ugepasst soubal déi decidéiert ass.

## **D'Reformen an der Fonction publique**

De Suivi vun der Reforme Fonction publique wäert an deen nächste Joeren d'Kärstéck vun der AGC hirer Aktivitéit sinn a verschidden Aspekter dovun huet d'AGC an hire Programme d'action geschriwwen, déi do sinn:

### 1) D'Verschwanne vun den Attributiounen vun de Redakteren

Et ass genau sou komm wéi mir eis et erwaart hunn: d'Redakteren déi jo zënter Jorzéngten d'Cheville ouvrière/Epine dorsale vum Staat waren, hunn ausgedéngt - an net vergiess ass dem ancien Minister Biltgen säi ganzsäitegen Artikel an enger bekannter Dageszeitung mat deem schéinen Titel: « La carrière moyenne devient de plus en plus superflue ».

Déi Redakteren déi haut op Schlësselpositiounen setze kënnen wuel vum Mechanisme temporaire de changement de groupe, der sougenannter Voie expresse profitéieren a komme souwäit se d'Konditiounen erfëllen an den A2.

Mee wat geschitt mat hiren Attributiounen wann si a Pensioun ginn ? Attributiounen, déi jo par définition zu engem Groupe de traitement supérieur zu hirem initiale gehéieren ? Am Gehältergesetz steet zwar « Au moment de la démission ou de la mise à la retraite du fonctionnaire en question, le poste du groupe de traitement libéré sera reconverti en un poste du groupe de traitement initial. »

Mee ass dat net vergläichbar mat engem Ablass deem d'Regierung sech verkaaft huet fir d'Situatioun ze berouegen an a Wierklechkeet näischt wäert ? A genau dofir plaidéiert d'AGC an hirem Programme d'action fir eng Reintegratioun souwuel vum Poste wéi och vun den Attributiounen an de Groupe de traitement initial.

## 2) D'Carrière ouverte

Fir déijéineg vun lech déi wéinst hirem sozialen Hannergrond, hire perséinlechen Erwaardungen an hiren tatsächlechen Attributiounen zwar als Redakter ugefaang hate mat schaffe, mee an d'A gefaasst hunn eemol an déi al Carrière supérieure ze wiessle geet mat der Reforme vun der Fonction publique eng Dir zou. Well déi Perspektiv wäert et ab dem 1. Oktober 2025 net méi ginn an zwar net nëmme fir déi déi schonn dru geduecht hate mee och fir déi déi nach nokommen.

A genau dofir fuerdert d'AGC an hirem Programme d'action den direkte Wiessel vum B1 an den A1 à titre définitif bestoen ze loossen.

## 3) D'Entretiens individuels

An deem Zesammenhang weist d'AGC an hirem Programme d'action drop hin dass sou en Entretien, dee jo awer och eng Roll ka spillen an der Evolutioun vun der Carrière vum Beamten, ëmmer eng subjektiv Saach ass, mat alle Geforen déi der Subjektivitéit eege sinn.

De **GT 3 Communication**, ënnert der Leedung vum Claude Stephany, befaasst sech mam Internet Site vun der AGC a mat der Zeitung Inforum.

Dee Groupe ass bis lo zweemol zesummekomm an huet dofir gesuert dass d'AGC lo och e modernen Internetsite huet.

Mir sinn dovun iwweezecht dass dem Internetsite besonnesch am Kader vum Recrutement vun neie Memberen eng besonnesch Roll spillt. Well wat maachen d'Leit wann hinnen eppes Neies presentéiert gëtt, ganz egal aus wéi engem Beräich ? Si kucke mol wat am World Wide Web doriwwer ze fannen ass. Et geet haut net méi duer dass een hinne seet « Gëff Member bei der AGC, déi ass gutt » wéi dat fréier de Fall war. An deem Sënn ass eise Site déi bescht Publicitéit déi d'AGC ka fir sech maachen. Mir waren och net knéckeg a hunn eis e Site vun därselwechter Entreprise maache gelooss, deem och der CGFP hiren entworf huet- allerdéngs, an dat sief mer verzielen, ass eise Site méi modern ... op alle Fall elo nach.

Well een sech fir de Recrutement vun neie Memberen awer net exklusiv op de Site ka verloossen, hu mir nach e **4. GT**, deem sech **Recrutement** nennt.

Ënnert der Leedung vum Tanja Ackermann organiséiert dee Groupe e systematesche Recrutement.

Dee leschte systematesche Recrutement ass 2007 duerchgezu ginn. Do hate mir mat engem Coup eng 120 nei Membere kritt.

Et gëtt deemno héich Zäit fir an deem Beräich rëm aktiv ze ginn.

Wéi gi mer do vir ?

Am Fong ganz traditionell mam Mariekalenner als Support fir eis potenziell nei Memberen zu cibléieren. Si kréien dann am Prinzip e ganz léiwe Bréif geschriwwen a ginn häerzlech agelueden sech dach gewerkschaftlech vun eis vertrieeden ze loossen.

Dee Groupe ass bis lo eemol zesummekomm.

*Souwäit zu de Groupes de travail ...*

Mat deem Elan dee jo charakteristesch ass fir nei opgemëschte Comité, huet dann de Bureau exécutif vun der AGC iwwert säin Tellerrand erausgekuckt fir Alliéierter ze sichen a sengem Engagement fir d'Membere vun der AGC.

- 1) Als éischt an d'Ae gefall ass dunn natierlech d'CGFP als gewerkschaftlechen Daachverband an eenéischten Echange de vues mam **Romain Wolff** huet dunn stattfonnt de 6. Juli 2015.

Do ass et mol ëm Statute gaang vun der CGFP déi solle modifizéiert ginn an d'AGC huet mam Generalsekretär vun der CGFP déi wuel bekannte Problematik vun de Sëtzer am Comité fédéral vun der CGFP diskutéiert.

Wourëms geet et dobäi ?

D'AGC huet jo bekanntlech opgrond vun der Zuel vun hire Membere 4 Sëtzer am Comité fédéral vun der CGFP zegutt.

Well awer lo ee vun deene Sëtzer fir de Romain Wolff reservéiert ass, dee jo aus eise Reie kënn ass d'AGC als eng vun deene Sous-Organisationen déi de Generalsekretär oder e Member vum Bureau exécutif stellen, déi jo mussen neutral sinn, am Nodeel vis-à-vis vun deene Sous-Organisationen déi d'Unzuel vun hire Sëtzer ganz ausschöpfen kënnen.

De Romain Wolff hat dann och vill Versteesdemech a war net ofgeneigt fir där ongerechter Konstellatioun een Enn ze setzen.

Am Comité fédéral vum 18. Mäerz 2016 hunn d'Ënnerorganisationen ënner anerem och dee Punkt da prinzipiell gutt geheescht.

Wat d'Réunioune vum Comité fédéral vun der CGFP ugeet, huet d'AGC scho méi oft kritiséiert dass do keen offizielle Procès-verbal etabléiert gëtt deen also allen Sous-Organisatione virgeluecht gëtt. Och déi Situatioun ass verbessert ginn: lo läit fir all Reunioun vum Comité fédéral e Procès-verbal vir.

- 2) Als nächsten Uspriechpartner huet d'AGC sech op **d'Chambre des fonctionnaires et employés publics** fokusséiert an haat dann den 8. Juli 2015 eng Entrevue mat hirem Direkter, dem Georges Muller.

Beschwat gouf an där Entrevue ënner anerem dass déi ganz Dokumentatioun betreffend d'Réunions plénières vun der CHFEP de Membres élus léiwer soll elektronesch wéi ënner Pabeierform zur Verfügung gestallt ginn. D'Chamber hat dee Moment awer scho selwer envisagéiert fir dat méi modern ze handhaben.

Et giong och Rieds doriwwer fir den Délai de réflexion téschent dem Envoi vun der Dokumentatioun an dem Datum vun der Reunoun laang genuch ze hale fir dass d'Memberen sech kënne grëndlech domat befaassen. Där Fuerderung soll an Zukunft dans la mesure du possible Rechnung gedroe ginn, wéi de Georges Muller eis verséichert huet.

- 3) Den 20. November 2015 dann hate mir eng Entrevue mat der **Féduse-administration**, also der Sous-Organisatioun déi theoretisch och géif a Fro komme fir deen neie Groupe de traitement vum Bachelor administratif ze verrieden.

Mir waren eis eens dass déijéineg déi an engem premier temps an déi Carrière komme jo déi sinn déi d'Voie expresse maachen, also Redakteren. Insofern ass et méi logesch wann d'AGC si rekrutéiert wéi d'Féduse.

*Souwäit mol zu de Kontakter mat deenen déi der AGC a Frëndschaft verbonne sinn.*

Wat lo déi aner ugeet huet de Comité vun der AGC jo d'Reformen an der Fonction publique vun deem Moment un wou d'Projets de textes verschéckt goufen also am Oktober 2010 opmierksam a kritesch suivéiert.

Nodeem d'Texter schliisslech gestëmmt an zougänglech waren ass der AGC opgefall dass am Kader vum Changement de carrière « vergiess“ gi war, déi néideg Formatioun ze definéiere fir en Agent deen aus dem B1 an den A1 wëllt wiesselen.

An net méi spéit wéi den 8. Juli 2015 ass dunn e Bréif un de Minister vun der Fonction publique publieque erausgaang, an deem mir hien nodrécklech opgefuerdert hunn fir an där Saach Remedur ze schaffen.

Zu eiser Verwonnerung krute mir awer net mol en Accusé de réception op eise Bréif !

Well et awer wichteg war, d'Formatioun korrekt ze definéieren ier d'Reforme sollt a Kraaft trieden, hu mir dunn den 11. August 2015 eng Lettre de rappel gemaach mat Copie un de Premier Minister an un de Président vun der CGFP.

Wéi mir den 9. September 2015 nach ëmmer am Reen stoungen hu mir nach e Bréif un d'Presidentin vum Conseil d'Etat geschriwwen fir si drop opmierksam ze maachen dass mir nach net an de Genoss vun enger Reaction vum Dan Kersch komm waren.

Parallel dozou sinn nach eng Rëtsch Telefongespréicher mat der Fonction publique gefouert ginn a schlussendlech krute mir en ganz lapidaren Accusé de réception.

Schliisslech ass dann och d'Reglement ëmgeännert an am Memorial no 189 vum 1. Oktober 2015 publizéiert ginn.

Dir gesitt: mir loossen eis net sou lïcht ofwimmelen an eisem Engagement fir Iech !!

Wat d'Ëmsetze vun der ReformFonction publique ugeet, huet d'AGC jo wéi gesot ee GT deen sech domatt befaasst an zu gegebener Zäit Kontakt wäert opheuele mam Dan Kersch.

Mee och d'CGFP ass ganz aktiv op deem Terrain an huet schonn den 29. September 2015 hir Sous-Organisationen opgefuerdert, matzedeele wat hinne bis lo opgefall wier am Zesummenhang mat der Reform.

D'AGC huet dann och fläisseg hir Hausaufgab gemaach an der CGFP no Récksprooch mam Comité en detailléierte Mail geschéckt dee Folgendes festhält:

- Guides de l'utilisateur a Plaz vu Reglementer
- Avancementer a Promotiounen no dem ale Systeme, also esou wéi virum 1. Oktober 2015, wann dee méi favorabel ass. Déi Dispositioun setzt viraus dass et een offiziellen an zougänglechen Tableau d'avancement gëtt. Dat ass awer net iwwerall de Fall.
- Organigrammes: déi sinn haaptsächlech pesounebezunn, missten awer postenbezu sinn (Postes à responsabilités particulières)
- Probleemer am Zesummenhang mat den Entretiens, der Formation préparatoire fir de Changement de groupe, dem Mécanisme temporaire de changement de groupe oder och nach dem Opstelle vun de Plans de travail individuels.

Am leschte Comité fédéral war dann och gewuer ze ginn dass den Ënnerorganisationen hir Remarquen zu der Ëmsetzung vun der ReformFonction publique dann och an e Catalogue des revendications vun der CGFP agefloss sinn.

Tout compte fait ass et ganz kloer dass een dem MFPRA muss bei der Ëmsetzung vun der Reforme genau op d'Fanger kucken an dat wäert de Comité vun der AGC och maachen.

Dofir eisen Opruff un Iech als Memberen:

Wann Iech eppes opfält wat an deem Zesummenhang net sou leeft wéi virgesinn: wend Iech roueg un eis: Mir sinn a bleiwen ären Usprichpartner, beäntweren net nëmmen är perséinlech Froe mä sammeln se an droen se weider bis bei de Minister !

Ech soen Iech Merci